Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. November 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir ëffentlech Aarbechten an un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 8298 aus der Legislaturperiod 2018 – 2023 huet d'Regierung zum Stand vun de Renovatiounsaarbechte vum Thermalbad vu Munneref ënner anerem dat hei geschriwwen: "*D'Renovatiounsaarbechte vum Thermalbad vu Mondorf hunn entretemps ugefaangen. An enger éischter Phase sinn dat Preparatiounsaarbechten* [...] *Aktuell ass d'Baugeneemegung betreffend d'Renovatiounsaarbechten respektiv dem Neibau vum Gebai „Les Sources" awer nach net ausgestallt*". An engem RTL-Reportage vum 27. November zu der selwechter Thematik heescht et weider, datt verschidde "*juristesch Probleemer*" wéinst "*dem Parking*" nach net gekläert wieren. D'Direktioun vum Thermalbad erkläert iwwerdeems am selwechte Reportage, datt de Chantier soll an Etappe virgeholl ginn, fir kee Member vum Personal missen ze entloossen. Zousätzlech zu deem vun der Chamber schonn accordéierte Budget vun 133 Milliounen Euro, soll de Projet elo op mannst nach eng Kéier 57 Milliounen Euro méi deier ginn.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Nofroe stellen:

1) Kann d'Regierung elaboréieren, ewéi eng Autorisatiounen op Staats- an/oder Gemengenniveau nach ausstinn a wéi eng Ëmstänn zu däser laangwiereger Prozedur gefouert hunn?
2) Kann d'Regierung elaboréieren, ewéi eng juristesch Probleemer par rapport zu wéi engen Institutiounen am Bezuch op de Parking aktuell nach um Dësch leien a wéi eng Propose vun de Responsabele bis ewell gemaach goufen, fir dës méiglechst séier ze léisen?
3) D'Initiativ fir kee Mataarbechter wëllen ze entloossen ass natierlech ze begréissen. Kann d'Regierung an deem Zesummenhang allerdéngs matdeelen, ob a wéi eng aarbechtsrechtlech Méiglechkeete géife bestoen, fir d'Personal vum Thermalbad am Kader vun der ëffentlecher Finanzéierung vum Projet bei vollem Lounausgläich am Roulement ze halen? Kann d'Regierung dozou gegeebenefalls eng Käschten-Notze-Rechnung presentéieren déi weist, ewéi eng zousätzlech Laaschten der ëffentlecher Hand duerch esou eng Moossnam géifen entstoen an a wéi wäit d'Baukäschten sech op där anerer Säit géife reduzéiere loossen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Alexandra Schoos
Deputéierten